

Lëtzebuerg, de 15. März 2016

Dioptrienausgläich

De Profconours, den Enseignantsberuff an d'Chargéen

Pressecommuniqué

De Profconours

Do huet ee jo bal sengen Aen net getraut, wéi di läscht Woch di gesamte Presselandschaft als Neiegkeet an der der Schoulwelt getittelt huet, dass de „Profconours“ géing reforméiert ginn. Sinn dat blann Erwaardungen dobaussen? Gëtt einfach nees op alles gesprongen, wat iergendwéi mat de Profen ze dinn huet? En tout cas deelt de Minister dat trauregt Schicksal, dat jidderengem widderfiert, dee probéiert Schoulpolitik ze maachen: E gëtt fir d'éischt net an duerno falsch verstan an duerno instrumentaliséiert.

De Ministère huet decidéiert, fir zukünfteg och Absolvente vun Unien zum Concours am Enseignement zouzeloossen, wann si just en Deel vun hirem Studium, soit de Bachelor soit de Master, an där Disziplin hunn, fir déi si sech zum Concours stellen. Deen aneren Deel vun hirem Studium hunn di betreffen Absolventen dann entweder an engem Spezialberäich oder engem verwandte Beräich vun hirer Disziplin gemaach oder an der Pädagogik an Didaktik. Geménzt ass dat an der Haaptsaach op de Master in Secondary Education, den d'Unilu wäert ubidden.

Sou wäit sou gutt. Maache mer eis näischt vir: Bei der steigender Diversifizéierung vun den Unisparcoursen an -ofschlëss kéint munch ee spezialiséierte Lycée am Land geschwënn seng Dieren zoumaachen, wann di Ännerung hei net kéim. Do goufen där rar geséinten Absolvente beim Concours refuséiert, well si net de Bachelor an de Master an deemselwechten Domaine gemaach hunn, quitt dass di eenzel Domainer fir sech gekuckt absolut an de Moule gepasst hunn. Dat ass elo eriwwer. Gutt esou.

Dass Kandidate kommen, déi ee Master an der Pädagogik an Didaktik hunn, ass a priori och net verkéiert. Zweeërlee ass awer ze bedenken. Wie just ee Bachelor am Fach huet, ass wäit ewech vu Fachkompetenz. Dee Schoss kéint gär genuch no hanne lassgoen. A wien e Master in Secondary Education huet, riskéiert sech an dräi Joer Stage periodesch nawell ze langweilen. Et bleift ze hoffen, dass keen op d'Iddi kënnt, an esou Fäll Dispense spillen ze loossen. Fir d'Fachkompetenz wier dat Zeechen nämlech fatal.

Dem Minister seng Politik ass also grad esou néideg wéi geféierlech a brauch en entsprechende Suivi.

Den Enseignantsberuff

Reforméiert ass de Concours domadder net; en ass just méi breed opgemaach. Ass domadder de Problem vun de net besatene Profconours geléist? Wäit gefeelt. Wat kee weess oder wësse wëllt, ass Folgendes:

D'Zuele vun deene Leit, déi sech zum Concours stellen, si réckleefeg. Den Alter vun de Kandidaten, déi sech zum Concours stelle, geet erop grad ewéi d'Zuel vun deenen, déi als éischt eppes anësch probéiert hunn. Ënnert de Kandidaten geet d'Zuel vun den EU-Matbierger erop, d'Zuel vun de Lëtzebuerger erof. D'Moyenne vun de Resultater an de Concoursépreuve ginn erof.

Wat oft genuch kee verstoe wëllt, dee beim Stéchwuert „Proffen“ just u Juli, August a September denkt, ass dass sech d'Clientèle, déi sech fir de Concours mellt, geännert huet a weiderhin ännert. Well ob Der et héiere wëllt oder net: Den Enseignantsberuff ass fir ëmmer méi vun deene gutt ausgebildeten, kompetenten an engagéierte jonke Leit net méi interessant. Dat huet näischt mat Verdéngscht oder Vakanz ze dinn, mee mat de feelende Perspektiven sech selwer ze verwierklechen. Wou jidderee fir sech kämpft, sinn d'Ufuerderungen un den Enseignantsberuff net méi ze schëlleren. Hei bleift ze hoffen, dass di ugekënnegt Autonomie fir d'Schoulgebaier nees Perspektiven opmécht, Initiativen erlaabt an eng kollektiv Dynamik generéiert, déi duerch eng joerzängtelaang Top-down-Politik bzw. duerch d'Feele vun iwwerhaapt enger Schoulpolitik klenggehalen oder erstéckt goufen. Wou Schoul als kollektiv Erausfuerderung erkannt a gelieft gëtt, ginn et – ass dat erstaunlech? – méi zefridde Schüler a méi zefridden Enseignantent.

D'Fro vun enger zukunftsweisender Recrutementspolitik fir de Secondaire ass also net: „Wéi kréie mer méi Leit an de Concours?“, mee: „Wéi kréie mer di am meeschte kompetent a motivéiert Leit an de Concours?“

D'Chargéen

An da bleift letztendlech d'Situatioun vun de Chargéen. Den Accord, den d'Association des Chargés de l'Enseignement National (ACEN) mam Minister Meisch getraff huet, ass novollzéibar. Wien déiselwecht Ufuerderungen un d'Chargéë stellt wéi un di fonctionnariséiert Proffen, muss och fir déiselwecht Aarbechtskonditiounen suergen. Dat wäert ab 2018 de Fall sinn.

Et ass awer de Leit Sand an d'Ae gestreet, wann ëmmer nees behaupt gëtt, Chargéen a Proffe géingen déiselwecht Aarbecht maachen. Ganz vill Chargéë maachen hier Aarbecht ganz gutt -, mee se maachen se sécher aanësch. Fir iergendepes wäerten de Fonctionnaires hire Concours, hir dräi Joer Stage an hir 16 Stonne Formation continue pro Joer jo gutt sinn. Wien dat niéiert, kann sech bei der eegener Nues huelen.

An et sief nach eppes an aller Däitlechkeet gesot. Den „Ofbau vun der immens héijer Zuel u Chargéë“ MUSS NET „d'Zil vun engem faire Recrutement“ sinn, wéi d'ACEN fuerdert. – A wat heescht do „fair“? Wat war da bis ewell net fair? Méi transparent soll e ginn, ok. – Den Ofbau vun deene sëlliche Chargésposte SOLL par contre eng begréissenswert NIEWENERSCHEINUNG vun engem sënnavolle Recrutement sinn, mat dem nees verstärkt déi Leit fir den Enseignantsberuff gewonne kënnen ginn, déi sech corps et âme fir hir Schüler an hir Schoul asetzen.

Wie stattdessen léiwer un d'Exigence beim Concours fréckele geet, kritt letztendlech just dat, wat e mécht: dee gewinnten Nivellement vers le bas.